**FR** — La Commune de Schifflange a signé le nouveau «**Pakt vum Zesummeliewen**», elle s'engage à mettre l'accent sur la communication, l'accès à l'information pour tous et la participation au niveau local. Dans le cadre de ce nouvel engagement, la commune compte aussi sur nous tous: jeunes et personnes âgées, nouveaux arrivants et résidents établis, non-Luxembourgeois et Luxembourgeois. Nous pouvons tous faire partie d'une société active et diversifiée, qui vit, agit et grandit ensemble. C'est pourquoi votre avis est nécessaire dès le début! Il est important pour la conception et la mise en oeuvre du Pakt vum Zesummeliewen. Toutes les autres étapes du processus seront également remplies de vie par vous et avec vous. A cet effet, le tout nouveau dépliant, que vous avez reçu dans votre boîte aux lettres début mai, montre comment vous pouvez vous impliquer activement.



# Eis aktuell Chantieren



## FR — • Bildungshaus op Hudelen:

L'élaboration du dossier PAP se poursuit, le concept des aménagements extérieurs est en cours d'élaboration. Plusieurs réunions du groupe de travail pédagogique, accompagné du Service scolaire et du Service technique, sont prévues prochainement. Les réflexions et décisions en découlant seront prises en considération dans la constitution du futur dossier d'appel à candidatures pour la conception et l'exécution du projet.

## • Extension école Albert Wingert:

- La pose de la 1<sup>ère</sup> pierre ainsi que l'inauguration officielle du nouveau terrain de football ont eu lieu le mardi 29 mars, en présence du Collège échevinal et de nombreux invités, sans oublier bien évidemment les enfants qui ont laissé leurs empreintes indélébiles sur la surface en béton du coffret prévu à cet effet. **Voir aussi p. 26**

- Les entreprises de construction en charge du gros-œuvre ont fait le maximum afin que leurs travaux puissent se terminer comme prévu juste après les congés de Pâques, le montage des premiers éléments muraux a débuté fin avril. Les réunions de concertation avec les services techniques et les futurs utilisateurs concernant les équipements et matériaux du nouveau bâtiment touchent à leur fin, l'entreprise générale ERNE pouvant maintenant procéder aux commandes correspondantes.



AW Foot Einweihung / Inauguration

## • Etude de faisabilité Nelly Stein:

Les premières réflexions architecturales concernant le potentiel d'amélioration, voire d'extension de l'école existante, ont été partagées aux autres membres de l'équipe pluridisciplinaire. Plusieurs variantes sont proposées, leur impact respectif au niveau technique, structurel, réglementaire et pédagogique sera approfondi dans les prochaines semaines.

## • Bëschpillschoul:

Les locaux de la «Bëschpillschoul» se trouvant actuellement dans le bâtiment de l'école fondamentale Lydie Schmit, ils devront être délocalisés dès le début des travaux d'assainissement et de rénovation de ladite école, à savoir pour la rentrée des classes en septembre. La recherche d'une solution locative est en cours, le montage de cette dernière étant prévue à proximité immédiate du Centre sportif rue du Parc.

## • Structure d'accueil pour la scolarisation des enfants réfugiés ukrainiens:

A l'instar du bâtiment modulaire op Hudelen (qui sert pour le moment de solution d'accueil provisoire), des locaux adaptés à la scolarisation des enfants réfugiés ukrainiens vont être construits pour la rentrée scolaire de septembre. Les premières démarches ont été entreprises en un temps record avec les Ministères et administrations compétents ainsi qu'avec diverses entreprises potentiellement capables de livrer et monter ce type d'infrastructure. Le projet a été adopté à l'unanimité lors de la réunion du Conseil communal du 22 avril 2022.



AW Rohbau / Gros-oeuvre



AW Grundsteinlegung / 1ere pierre

**DE — • Bildungshaus op Hudelen:**

Die Ausarbeitung des PAP-Dossiers geht weiter, das Konzept für die Außenanlagen wird derzeit ausgearbeitet. Mehrere Sitzungen der pädagogischen Arbeitsgruppe, die von den Abteilungen für Schulwesen und technischen Dienst der Gemeinde begleitet werden, sind in Kürze geplant. Die sich daraus ergebenden Überlegungen und Entscheidungen werden bei der Zusammenstellung der künftigen Ausschreibungsunterlagen für die Planung und Ausführung des Projekts berücksichtigt.



AW Grundsteinlegung / 1ere pierre

AW Rohbau / Gros-oeuvre



AW Montage

**• Erweiterung Albert Wingert Schule:**

- Die Grundsteinlegung sowie die offizielle Einweihung des neuen Fußballplatzes fanden am Dienstag, den 29. März in Anwesenheit des Schöffenrats und zahlreicher Gäste statt, wobei natürlich auch die Kinder nicht zu vergessen sind, die ihre Handabdrücke auf der Betonfläche des dafür vorgesehenen Kastens verewigt haben. **Siehe auch S. 26**

- Die mit dem Rohbau beauftragten Bauunternehmen gaben ihr Bestes, damit ihre Arbeiten wie geplant kurz nach den Osterferien abgeschlossen werden konnten, da die Montage der ersten Wandelemente in der letzten Aprilwoche beginnen sollte. Die Abstimmungsgespräche mit der technischen Abteilung der Gemeinde und den künftigen Nutzern über die Ausstattung und die Materialien des neuen Gebäudes nähern sich ihrem Ende, sodass der Generalunternehmer ERNE nun die entsprechenden Bestellungen vornehmen kann.

**• Machbarkeitsstudie Nelly Stein Schule:**

Die ersten architektonischen Überlegungen zum Verbesserungs- oder sogar Erweiterungspotenzial der bestehenden Schule wurden den anderen Mitgliedern des multidisziplinären Teams mitgeteilt. Es werden mehrere Varianten vorgeschlagen, deren jeweilige Auswirkungen auf technischer, struktureller, genehmigungsfähiger und pädagogischer Ebene in den nächsten Wochen vertieft werden.

**• Bëschpillschoul:**

Da sich die Räumlichkeiten der „Bëschpillschoul“ derzeit im Gebäude der Grundschule Lydie Schmit befinden, müssen sie umgesiedelt werden, sobald die Sanierungs- und Renovierungsarbeiten an der besagten Schule starten, d.h. zum Schulbeginn im September. Derzeit wird nach einer Lösung gesucht, die in unmittelbarer Nähe des Sportzentrums in der Rue du Parc aufgebaut werden soll.

**• Infrastruktur für die Einschulung von ukrainischen Flüchtlingskindern:**

Ähnlich dem Modulbau op Hudelen (der momentan als Übergangslösung genutzt wird) sollen für den Schulbeginn im September geeignete Räumlichkeiten für die Einschulung von ukrainischen Flüchtlingskindern entstehen. Gemäß dem Willen der Verantwortlichen der Gemeinde wurden in Rekordzeit erste Schritte mit den zuständigen Ministerien und Verwaltungen sowie mit verschiedenen Unternehmen unternommen. Das Projekt wurde auf der Sitzung des Gemeinderats am 22. April 2022 einstimmig angenommen.

AW Foot Einweihung / Inauguration



AW Montage



# Tausch-Schaf / Armoire d'échange

**LU** — Kennst Dir schonns den neien Tausch-Schaf, deen op der Gemengeplaz steet? De Prinzip ass ganz einfach – de Schaf soll den Austausch téschent de Bierger/inne fuerden, Verschwendung reduzéieren a virun allem Freed bereeden. Hei kënnst Dir Bicher, Elektrogeräter, Spillsaachen a villes méi tauschen.

Am Kader vum Welttag vum Buch an den Droits d'Auteur, den 23. Abrëll, hat d'Gemeng Schéffleng jiddereen häerzlech invitéiert seng Liblings-Bicher ze deelen an nei Favoriten ze entdecken.

E grouse Merci geet un de **Syndicat d'Initiative et du Tourisme** fir dëse flotte Projet, deen zesumme mat dem **Musée vun de Schmelzaarbechter** an dem **Atelier** vun der Gemeng realiséiert ginn ass.

Op der Foto gesidd Dir d'Stéphanie Storck aus dem Atelier, dat de Schaf schéi faarweg ugestrach huet an esou den alen Elektroschief aus der Zäit vun der Stolindustrie en neie Look ginn huet.

Vill Freed beim Tauschen!





**FR** — Connaissez-vous déjà la nouvelle armoire d'échange qui se trouve sur la Place de la Liberté? Le principe est tout simple: elle est destinée à favoriser les échanges entre habitants, à réduire le gaspillage et surtout à faire plaisir. Échangez vos livres, électroménager, jouets... Tous ces objets dont vous n'avez plus besoin mais qui pourraient ravir un passant.

Dans le cadre de la Journée mondiale du livre et du droit d'auteur le 23 avril, la Commune de Schifflange, avait invité tous les citoyens à y partager leurs livres préférés et à découvrir les coups de cœur de la communauté de Schifflange.

Un grand merci au **Syndicat d'Initiative et de Tourisme** pour ce beau projet qui a été réalisé ensemble avec le **Musée des Schmelzaarbechter** et l'**atelier technique** de la Commune de Schifflange.

Sur la photo vous voyez Stéphanie Storck qui a peint l'armoire et ainsi a donné un nouveau look aux anciennes armoires électroniques de l'époque sidérurgique.

Bonne lecture!



# Save the Date

---

Hei fannt Dir den aktuellen Agenda an alles, wat deemnächst um Programm steet. Esch2022 gëtt dëst Joer natierlech grouss geschriwwen. Mee och am Schëfflenger Konschthaus an op anere Plazen ass eng lass.

Fir den aktuellen Agenda iwwert alles wat an der Südregioun leeft verweise mir lech op [visitminett.lu](http://visitminett.lu).



14.05.-18.06.2022

### Schëfflenger Konschthaus

| Exposition des oeuvres des artistes  
Anne Lindner & Christian Neuman

20.05.2022

### Nopeschfest / Fête des voisins

| Schifflange

03.06.2022

### Réunion du Conseil communal

| Suivez le livestream sur schifflange.lu

07.-09.06.2022

### Inscriptiounen fir d'Vakanzenaktivitéiten

| Jugendhaus

08.06.2022

### Grousse Moart

| Place de la Liberté

09-11.06.2022

### Visite 50e anniversaire jumelage à Drusenheim

| Suivez le livestream sur schifflange.lu

11.06.2022 | 09h00 - 13h00

### Plooschter Projet (méi Infoen op **S. 50**)

| Hall Polyvalent



11.06.2022 | 09h00

### Ëmweltkommissioun: Een Dag an der Natur

| Kraidergaart/Brill



15.06.2022

### Lancement Spieglein Spieglein

| Place de la Liberté



17.06.2022

### Réunion du Conseil communal

| Suivez le livestream sur schifflange.lu

18.06.2022

### Concert "Minett on Tour"

| Place Grande-Duchesse Charlotte beim  
Kiosk



19.06.2022 | 10h30

### Presentatioun vum Projet "So vum Marxeweier"

| Quell beim Schmëttbësch



19.06.2022 | 17h00

### Concert Philippe Schartz

| Salle Grand-Duc Jean (Hôtel de Ville)

22.-23.06.2022

### Schëfflenger Fest / Nationalfeierdag

| Place de la Liberté



## Liesen deet gutt!

De Bicherbus kënt 2022 folgend Deeg op Schëffleng  
op d'Fräiheitsplaz (virun d'Gemengenhäus):

20. Mee, 17. Juni, 8. an 29. Juli ëmmer vun 11.10 Auer bis 11.50 Auer

Hei fannt Dir Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.  
D'Bicher ausléinen ass gratis!



# COUPE SCOLAIRE 2022: Achtung Autofahrer!

## COUPE SCOLAIRE 2022: Automobilistes - Attention!

**08.06.2022 de 08h00 – 12h00**


**DE** — Dieses Jahr findet die Coupe Scolaire wieder wie gewohnt an einem Tag statt. Am Mittwochvormittag, dem **8. Juni 2022** werden junge Radfahrer wieder durch ein paar Straßen unserer Ortschaft für die praktische Übungsfahrt radeln. Die Schüler des 4. Zyklus der Grundschule aus Schifflingen werden an dieser „Coupe Scolaire Nationale“ teilnehmen und eine Rundstrecke in den Straßen der Gemeinde mit dem Fahrrad bewältigen.

Wir bitten Sie freundlichst die Geschwindigkeitsbegrenzungen zu beachten und sich mit der nötigen Vorsicht den radfahrenden Kindern zu nähern.

**FR** — Cette année, la Coupe Scolaire se déroulera comme les années précédant la pandémie sur une matinée. Mercredi, le **8 juin 2022** aura lieu dans les rues de notre commune l'épreuve pratique de la Coupe Scolaire Nationale. Les élèves du 4<sup>e</sup> cycle de l'enseignement fondamental de Schifflinge vont suivre à vélo un parcours dans les rues de la localité.

Nous vous prions de bien vouloir respecter les limitations de vitesse et de vous approcher des jeunes cyclistes avec prudence et vigilance.





## Parcours de la Coupe Scolaie




# Verschid- denes

---

Hei fannt Dir interessant a wichtig Infoen zu deene verschiddensten Themen. De Summer steet virun der Dier a bréngt e puer Matdeelunge mat sech. Als Klimapakt-Gemeng hu mir eng gewëssen Responsabilitéit fir eis Bierger iwwert ëmweltfrëndlech Léisungen am Alldag z'informéieren. Och de Rapport vun der Gemengerotssëtzung kënnt Dir hei noliesen.

Speziell eis Jugend kritt an dësem Kapitel eng Plaz fir sech matzedeelen!



# Rappel Ecrivain Public zu Schëffleng

## Den Ecrivain Public – e Service fir de Bierger

**LU** \_\_ Wéi an eisem Newsmag vum Mount Abrëll ugekënnegt, huet d'Gemeng Schëffleng e gratis Service ageriicht, deen all Bierger a Biergerin eng Ënnerstëtzung beim Verstoen a Schreiw vum Texter bitt an dëst op Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch. Et handelt sech ëm den "Ecrivain Public".

### Firwat ass en Ecrivain Public néideg?

Hutt Dir Schwierigkeeten lech schrëttlech auszedrécken oder Angscht Schreiffeeler ze maachen? Ass et heiansdo schwéier fir lech administrativ Dokumenter ze verstoen? Den Ecrivain Public hëlleft lech beim Erstelle vu CVen, Noriff, Jobapplikatiounen a villem méi. Dëse Service ënnerstëtzt lech, net nëmme beim Ausfëlle vun Ären offiziellen Dokumenter, mee ass och geduecht fir déi Persounen, déi keng Computer-Kenntnisser hunn oder net déi néideg finanziell Moyene besëtzen e Computer ze kafen oder eng Internetverbindung doheem z'installéieren fir Dokumenter ze konsultéieren oder ze schreiw.

Zéckt net fir d'Equipe vum écrivain public ze kontaktéieren: [ecrivain.public@schifflange.lu](mailto:ecrivain.public@schifflange.lu)

## L'écrivain public – un service gratuit pour le citoyen

**FR** \_\_ Comme annoncé dans notre Newsmag du mois d'avril, la Commune de Schifflange a mis en place un service gratuit qui offre à toute personne un soutien à la compréhension et à l'écriture de textes en français, allemand, anglais et luxembourgeois. Il s'agit de l'écrivain public.

### Pourquoi un tel service ?

Vous rencontrez des difficultés à vous exprimer à l'écrit, vous craignez de commettre des fautes d'orthographe ou encore vous avez du mal à comprendre les documents administratifs? L'écrivain public vous assistera à mettre en forme des curriculums vitae, des éloges funèbres, des demandes d'emploi et bien plus encore. Il ne vous aidera pas seulement à remplir vos documents officiels et administratifs, mais il s'adresse également aux personnes qui ne maîtrisent pas l'outil informatique ou qui n'ont pas les moyens financiers d'acheter un ordinateur ou d'installer une connexion Internet chez eux pour consulter ou rédiger des documents.

N'hésitez pas à contacter l'équipe de l'écrivain public ici: [ecrivain.public@schifflange.lu](mailto:ecrivain.public@schifflange.lu)



# Piscine:

## Nei Ëffnungszäiten / Nouveaux horaires d'ouverture

**LU**—Säit Enn Abrëll ginn et Ännerungen an den Zäitfenster vun der Notzung an der Schwemm. Während den "Schoulzäiten" kënn Dir elo och mëttwochs a freides an der Mëttegstonn schwamme goen a mueres schonn ab **08.00 Auer**.

Méi Infoen iwwert d'Schwemm an d'Sauna fannt Dir hei um Flyer an op [schiffflange.lu](http://schiffflange.lu)

**FR**—Depuis les vacances de Pâques, de nouveaux créneaux horaires s'appliquent pour la piscine. La piscine sera également accessible les mercredis et vendredis pendant la pause de midi et les matins à partir de **08.00 heures**.

Vous trouvez plus d'infos sur la piscine et le sauna ici et sur [schiffflange.lu](http://schiffflange.lu)

**Changement des heures d'ouverture après les vacances de Pâques 2022**

*Horaire ECOLE*

PISCINE		SAUNA	
Lundi	école	Lundi	08h00-12h00 Dames
Mardi	12h00 - 20h30	Mardi	13h00-21h30 Hommes
Mercredi	08h00 - 09h30 (Dames) <b>12h00-13h30</b> 16h00 - 20h30	Mercredi	13h00-21h30 Dames
Jeudi	12h00 - 20h30	Jeudi	13h00-17h00 mixte
Vendredi	<b>12h00-13h30</b> 16h00 - 20h30	Vendredi	17h00-21h30 mixte
Samedi	08h00 - 09h30 (Dames) 09h30 - 17h00	Samedi	FERMEE
Dimanche	08h00 - <b>12h00</b>	Dimanche	FERMEE

*Horaire VACANCES*

PISCINE		SAUNA	
Lundi	FERMEE	Lundi	08h00-12h00 Dames
Mardi	09h00 - 20h30	Mardi	13h00-21h30 Hommes
Mercredi	08h30 - 09h30 (Dames) 09h30 - 11h30 14h00 - 20h30	Mercredi	13h00-21h30 Dames
Jeudi	09h00 - 20h30	Jeudi	13h00-17h00 mixte
Vendredi	09h00 - 11h30 14h00 - 20h30	Vendredi	17h00-21h30 Dames
Samedi	08h30 - 09h30 (Dames) 09h30 - 17h00	Samedi	13h00-21h30 mixte
Dimanche	08h30 - 11h30	Samedi	FERMEE
		Dimanche	FERMEE





# EIS GEMENG LIEFT, ASS SCHÉIN A FAARWEG!

## EISE CONCOURS "VILLE FLEURIE" GËTT NEES NEI OPLIEWE GELOOSS.



Bedéngt duerch di sanitär Kris war de leschte Concours am Joer 2017! Mee dat soll sech awer elo nees änneren an dofir maachen de "Syndicat d'Initiative et de Tourisme" an d'Gemeng Schëffleng den Opruff un ALL d'Schëfflenger Leit am Fréijoer a wärend de Summerméint hir Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänke schéin ze "dekoréieren".

Och am Kader vun Esch2022 a speziell wärend de Méint Juli an August, wou Schëffleng am Mëttelpunkt vun der Kulturhauptstad steet, wëlle mer eis all zesumme vun eiser schéinster Säit weisen – dofir ...

### MAACHT ALL MAT – LOOSST EIS GEMENG LIEWEN!

### ET WÉNKE SCHÉI PRÄISSER!

Op Initiativ vun eisem „Syndicat d'Initiative et de Tourisme“ an dem „Coin de Terre et du Foyer“ huet d'Gemeng Schëffleng mat hinnen zesummen all 3 Joer de flotte Concours „VILLE FLEURIE“ organiséiert. Eng onofhängeg Jury ass an de Summerméint zwee Mol duerch ganz Schëffleng spadséiert an huet sech di verschidde Gäert, Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänken ugekuckt a Punkte verdeelt. De Stot mat de meeschte Punkten huet logescherweis gewonnen an e flotte Präis kritt.

Mär profitéiere vun dëser Plaz fir de Responsabele vu „Coin de Terre et du Foyer“ e grouse MERCI ze soen, fir déi vill Joeren an deene si dëse Concours mat organiséiert hunn. Aus organisatoresche Grënn kënnen si leider net méi dobäi sinn.

~ ✂ ~

### UMELDEFORMULAR BIS SPÉISTENS DEN 01.06.2022 OP [SCC@SCHIFFLANGE.LU](mailto:SCC@SCHIFFLANGE.LU) SCHÉCKEN.

Ech/mär maache gäre beim Concours „Ville Fleurie“ 2022 mat

Numm a Virnumm: .....

Adress: .....

Telefon: ..... E-Mail: .....

#### Kategorie:

(w.e.g. déi betreffend Kategorie ukräizen – et kënnen och zwou oder dräi Kategorie sinn)

Balkon  Fensterbänk  Virgäertchen

Ech sinn averstanen, dass Fotoe kënnen gemaach ginn an op der Präisverdeelung gewise ginn

.....  
Ënnerschrëft



# Ech brauch DECH! J'ai besoin de TOI! I need YOU! Eu preciso de VOCÊ! Trebaš mi!

Ech sinn de Gabriel, en 9-järeg Schöler aus enger Schëfflenger Schoul, a brauch DENG Hëllef. Viru Kuerzem krut ech d'Diagnos Blut- a Knackekriibs. Meng Krankheet ass dacks heelbar, mä oft brauch ee fir ze iwwerliewen eng Stammzellentransplantatioun. Vlächcht si genau deng Stammzellen d'Rettung fir mech oder een anere Blutkriibspatient.

Dofir géif ech mech freeën, wann s du dir kuerz Zäit huele géifs:

- **Wéini?** 11. Juni 2022  
tëscht 9 an 13 Auer
- **Wou?** Hall Polyvalent Schëffleng
- **Wat?** Froebou a Blutanalyse

## Krittäre fir STAMMZELLESPENDER ze ginn:

- Tëschent 18 a 45 Joer al sinn (16 a 17-järeg nëmme mat Averstänniserklärung vun den Elteren)
- Méi wéi 50kg weien
- Als Fra: maximal 2 Schwangerschaften
- Gesond sinn

Wann s de des Krittären erfëlls, dann zéck net a komm laanscht. Domat kënnst du dann an déi weltwäit Datebank, a bass domat disponibel fir mir oder engem anere Mënsch mat Blutkriibs eng Chance op d'Iwwerliewen ze ginn. All weider Froe kriss du op der Plaz beäntwert.

Du fënns eis och op eisem Internetsite [www.plooschterprojet.lu](http://www.plooschterprojet.lu) an op Facebook.

**Ech soen dir elo scho Merci fir deng Hëllef.**

Je suis Gabriel, un élève de 9 ans d'une école à Schiffange, et j'ai besoin de TON aide. Récemment, on m'a diagnostiqué un cancer du sang et des os. Ma maladie est souvent guérissable mais nécessite probablement une greffe de cellules souches. Peut-être que tes cellules souches sont ma chance de survie ou celle d'un autre patient atteint de la même maladie.

C'est pourquoi je te demande un peu de temps :

- **Quand ?** 11 juin 2022  
entre 9 h et 13 h
- **Où ?** Hall Polyvalent Schiffange
- **Quoi ?** Questionnaire et analyse de sang

## Critères pour devenir DONNEUR DE CELLULES SOUCHES :

- Avoir entre 18 et 45 ans (16 et 17 ans uniquement avec autorisation parentale)
- Peser plus de 50 kg
- En tant que femme: max. 2 grossesses
- Être en bonne santé

Si tu réponds à ces critères, n'hésite pas et viens nous rejoindre. Tu seras ainsi inscrit dans la base de données mondiale et disponible pour donner, à moi ou à une autre personne atteinte d'un cancer du sang, une chance de survie. Sur place tu auras des réponses à toutes tes questions.

En attendant, tu peux également nous retrouver sur notre site [www.plooschterprojet.lu](http://www.plooschterprojet.lu) et sur Facebook.

**Je te remercie d'avance pour ton aide.**



Please scan the QR code for more languages!  
Por favor, digitalize o código QR para mais idiomas!  
Skenirajet QR cod za druge jezike!

## COMMANDE DE BOIS DE CHAUFFAGE POUR L'ANNÉE 2022

**Strictement réservé aux habitants de la Commune de Schifflange !**

L'administration de la nature et des forêts, représentée par M. Sannipoli Daniel, préposé forestier du tirage de Kayl, en collaboration avec l'Administration communale de Schifflange vend du bois de chauffage au prix de 48.- €/stère.

### CES PRIX SONT MAJORÉS COMME SUIV :

- Livraison à domicile (dans la commune uniquement) : 20 €/course
- Découpe à 50 cm : 12.- €/stère
- Découpe à 33 cm : 14.- €/stère
- Découpe à 25 cm : 16.- €/stère

Tous nos prix s'entendent TTC (pour le bois 8 % TVA, pour livraison et découpe 17 % TVA). Le bois provient de la forêt communale de Schifflange et est issu d'une gestion forestière durable. Il s'agit de bois frais qui devra être stocké pendant une année minimum avant l'utilisation. L'achat de bois de chauffage est limité à 4 stères par logement.

**Pour la commande, prière d'utiliser le bon ci-dessous et de le renvoyer jusqu'au 01.09.2022 à :  
Administration communale de Schifflange, B.P. 11, L-3801 Schifflange.**

Je soussigné(e)   
demeurant au n°  rue  à L-  Schifflange  
Tél. :  GSM :   
souhaite commander  stère(s) de bois.

Livraison

Découpe:  50cm  33cm  25cm

(La découpe 100 cm ne peut être offerte en 2022 en raison du bois disponible!)

Paiement par domiciliation:  Oui  Non

Schifflange, le

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse dpo@schifflange.lu

\_\_\_\_\_  
(Signature du demandeur)

## DEMANDE RENONCIATION FACTURE PAPIER

En signant ce formulaire, vous autorisez le créancier à vous faire parvenir vos factures par voie électronique en remplacement de la facture papier.

### JE SOUSSIGNÉ(E)

Nom:

Prénom:

Numéro et rue:

Code postal et localité:

### AUTORISE AVEC EFFET IMMÉDIAT

Nom créancier: Administration communale de Schifflange  
Adresse créancier: B.P. 11  
L-3801 Schifflange

### À ME FAIRE PARVENIR MES FACTURES À L'ADRESSE ÉLECTRONIQUE RENSEIGNÉE CI-APRÈS.

Adresse E-mail:

Tél. privé/portable:

Schifflange, le

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse [dpo@schifflange.lu](mailto:dpo@schifflange.lu)

\_\_\_\_\_  
(Signature débiteur)

## MANDAT DE DOMICILIATION SEPA

En signant ce formulaire de mandat, vous autorisez (A) le créancier à envoyer des instructions à votre banque pour débiter votre compte, et (B) votre banque à débiter votre compte conformément aux instructions du créancier.

Note : Vos droits concernant le mandat ci-dessus sont expliqués dans un document que vous pouvez obtenir auprès de votre banque. Vous bénéficiez d'un droit à remboursement par votre banque selon les conditions décrites dans la convention que vous avez passé avec elle. Toute demande de remboursement doit être présentée dans les 8 semaines suivant la date de débit de votre compte.

### JE SOUSSIGNÉ(E), LE DÉBITEUR :

Nom\* :

Prénom\* :

Numéro et rue\* :

Code postal et localité\* :

Pays résidence\* :

Contact :

### DONNE AU CRÉANCIER :

Nom Administration communale de Schiffflange  
Identifiant LU30ZZZ000000009399002001  
Adresse B.P. 11  
L-3801 Schiffflange  
Pays Luxembourg

### L'AUTORISATION DE FAIRE ENCAISSER MES FACTURES SUR MON COMPTE AUPRÈS DE L'INSTITUT FINANCIER DÉSIGNÉ CI-DESSOUS.

Compte débiteur :

N° IBAN\*

Code BIC\*

Type de paiement Paiement récurrent / répétitif

Type Mandat  CORE (= client privé)  B2B (= client professionnel)

**\*Ces informations doivent être fournies pour permettre le traitement de votre demande de domiciliation**

Schiffflange, le

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse [dpo@schiffflange.lu](mailto:dpo@schiffflange.lu)

En application du règlement relatif à la protection des données GDPR (UE)2016/679, votre commune traite vos données personnelles en respect d'une obligation légale à laquelle elle est soumise.

(Signature du demandeur)



# D'Superdreckskescht kënnt bei Iech Heem!

# NEI!

den 2. Mäerz,  
7. Juni,  
13. September  
an den 8. Dezember 2022



Mir bidden Iech Ären Offall  
mueres viru 7.00 Auer  
op den Trottoir ze stellen.

 GEMENG  
SCHËFFLENG



# LëtzPole'n'Dance – méi wéi just e Sportsclub

**LU**—An dëser Editioun stelle mir lech gär en neie Veräin vir. D'Communautéit ronderëm den Danzclub hunn zwar schonn e puer Joer Experienz um Bockel, mee d'Asbl "LëtzPole'n'Dance" gouf u sech réischt de 26. Abrëll 2021 gegrënnt an d'Gemeng Schëffleng ass houfreg, datt dat lokaalt Sportsliewen doduerch elo nach méi breet gefächert ass.

Säit leschtem September sinn der Asbl hir Studiosdieren um Site vum "Schëfflenger Schräiner" offiziell op an ass domat deen zweete Poledance Studio vu Lëtzebuerg an deen eenzegen am Süde vum Land. Bis elo si schonn **330 Memberen** ageschriwwen, dovunner kommen der ronn 100 reegelméisseg trainéieren, dorënner och 5 Männer. D'Coursen (à 75 Minutten) ginn all Mount nei ausgeschriwwen, fir datt jiddereen d'Chance op eng Plaz kritt. An deem 40 Quadratmeter Sall kann ee verschiddene Sportarten nogoen, nieft dem klassesche Poledance ginn och Loftkënscht (Staang, Reef an Tissu), Yoga, Pilates an Danz ugebueden, dofir schwätze mir u sech och vun engem "**Pole and Aerial Arts Studio**". **Sechs passionéiert Trainerinnen** hale **pro Woch 20 Coursen** an ënnerschiddlechen Niveauen. Ënner anerem kann ee mat der mexikanescher Landesmeeschterin trainéieren oder u punktuellen Atelieren deelhuele, déi elo säit neistem mat enger Profi-Poledänzerin aus der Ukrain organiséiert ginn.



Salima Ben Guigui (Asbl Tresorière a vu Beruff Musikproff)



Esther Cornero (Asbl Sekretärin a vu Beruff Assistante Sociale)



Laura Tomassini (Asbl Presidentin a vu Beruff Journalistin)

Mir hu mat deenen dräi Grënnungsmemberen, Laura (Presidentin), Esther (Sekretärin) a Salima (Tresorière) geschwat. Si hu sech viru 6 Joer kennegeleiert an hu matzen an der Pandemie decidéiert eng Asbl ze grënnen, wéi hiren deemolege Studio zu Zolwer zougaangen ass. Si huele selwer och Deel un de Coursen, mee hale virun allem de Comité am Alldag um Rullen. Déi jonk Frae spruddele vun Energie an Iddien a wëllen hir Leidenschaft fir dëse Sport och mat neie Leit deelen.

### "Laura, wéi eng Disziplin méchs du am Léifsten?"

"Mir gefällt den Exotic Dance u sech am beschten. Dat ass Pole-dance an Talleke Schong – also de Cliché Image, deen d'Leit fréier mol als éischt am Kapp haten. Fir mech ass et déi ideaalst Method fir de ganze Kierper ze muskléieren an d'Dehnbarkeit ze trainéieren. Et ass immens ustrengend awer op eng dänzeresch a flott Aart a Weis."

### "Wat ass fir dech, Esther, dat Flottst un dësem Veräin?"

"Nieft dem Fait, datt een duerch de Poledance fit gëtt, fannen ech et richteg schéin, wéi de Grupp evoluéiert a gutt Momenter zesummen erlieft. Mir ass opgefall, datt et z.B. guer keng Jalousie ënnert de Participante gëtt. Dat ass net iwwerall esou. Vlächet huet et domat ze dinn, datt et hei (nach) keng Kompetitiounen an eiser Sportaart ginn, mee op alle Fall spiert ee permanent eng positiv Stëmmung. Dat deet einfach gutt!"

### "Salima, du häls selwer eemol pro Woch en Ufängercours. Wat ass fir dech de perfekte Schüler?"

"Ganz kloer: deen, deen net opgëtt! Am Ufank kënnst et jidderengem schwéier vir. Mee vu Cours zu Cours maachen d'Leit Progrèsen. Jidderee ka Poledance léieren – et ass just wichtig, net ze frustréieren an net opzehalen."

De Club wëll an Zukunft och ganz vernetzt mat ë.a. Veräiner vu Schëffleng zesummeschaffen an hir Offer weider u Fra a Mann bréngen. E soll d'Mënschen net just um sportlechen, mee och um sozialen Niveau zesummeféieren an nei Opportunitéite kreéieren. De Studio soll eng Plaz sinn, wou et keng Virurteeler gëtt a wou jidderee sengem Hobby nogoe kann, onofhängeg vun Alter, Physik, Nationalitéit oder Background. Ganz nom Motto vun der Schëfflenger Gemeng erfëllt de LëtZPole'n'Dance nämlech och d'Konditiounen Inclusioun (Desig4All) an Integratioun.

E grouse Merci un d'Laura, d'Esther an d'Salima fir deen éischten Abléck an hiren neie Projet! Mir freeën eis elo schon, fir méi vun hinnen ze héieren an ze gesinn – vlächet souguer op deem engen oder anere Fest zu Schëffleng...

### Kontakt:

#### LëtZPole'n'Dance

34, rue du Moulin  
L-3857 Schiffflange

info@letzpoleanddance.com  
www.letzpoleanddance.com



Op dëser Plaz wollt d'Asbl nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem "Schëfflenger Schräiner" e grouse Merci auszudrécken fir dee super equipéierte Studio, deen si zur Verfügung gestallt kruten.

LëtZPole'n'Dance Trio (© Tim Morizet)

# Wäschstatioun fir Vëloen zu Schëffleng

**LU** — Virun engem décke Joer ass déi éischt Wäschstatioun fir Vëloen a Betrib geholl ginn. Se steet um Mäertesbiereg niewent dem CAS Terrain: en idealen Ausgangspunkt fir flott Mountainbikestouren.

## Ëmweltfrëndleche Gratis-service

Fir de Waasserverbrauch ze reduzéieren ass 1 Wäschzyklus op 40 Sekonne limitéiert. Duerno muss nees gedréckt ginn. D'Waasser gëtt mat 40bar Drock verspriet, wat de Waasserverbrauch zousätzlech reduzéiert. Fir de Waasserverbrauch ze kontrolléieren ass e Smart-Wassermesser montéiert ginn, dee bei iwwerdriwwenem Verbrauch eng Meldung verschéckt. Falls een net genuch Loft oder e Platten an de Pneuen huet, da kann ee mat der Statioun och nach Loft nofëllen.



## Fir Abréch oder Mëssbrauch ze vermeiden

Och wann zu Schëffleng de Grondsaz vum "pollueur payeur" besteet, esou ass dës Wäschstatioun ouni Stongen an ouni Geldmënz fräi zougänglech. Säitlech un der Statioun ass och nach e Krunn wou jidderee sech ka säi Bidon vollmaachen.

D'Aarbechte si gréisstendeels vun der Gemeng realiséiert ginn. Well dat Ganz natierlech och mat Käschte verbonnen ass, wëlle mir lech all nach eemol frëndlech opruffen, d'Material ze respektéieren. Nëmme sou kann all Vëlofuerer vum Service profitéieren.

Weider Wäschstatioune fannt Dir zu Esch beim Fola's Terrain, dem Ellergronn oder zu Diddeleng, Käl a Bieles.

An zum Schluss nach ee flotte Link, fir déi, déi sech nach net esou gutt bei eis auskennen:

<https://www.visitminett.lu/de/redrock-mtb-trails>



# youth

NEI RUBRIK JUGEND

NEW

## LU\_ ÖFFNUNG SZÄITE VUM JUGENDHAUS:

Dënschdeg + Mëttwoch + Donneschdeg + Samschdeg: **14h00 – 19h00**  
Freideg: **16h00 – 22h00 Sport an der Hal (oder dobaussen) a Kachatelier**

1X DE MOUNT (SAMSCHDES)	
<p><b>RECYCLE PLANET</b></p> <p><b>Nächst Datumer: 28. MEE &amp; 11. JUNI</b></p> <p>Zesumme mat eis léiers du däi Vëlo ze flécken a kriss Hëllef bei allem wat mat dengem Vëlo ze dinn huet!</p>	<p><b>BRUNCH &amp; AKTIVITÉIT</b></p> <p><b>Nächst Datumer: 28. MEE &amp; 11. JUNI</b></p> <p>1x de Mount maache mir samschdes d'Jugendhaus schonn um 11h00 op fir zesummen z'iessen an dono gi mer op eng, vun de Jonken erausgesichten, Aktivitéit (Di leschte Méint ware mir z.B. am Kloterpark, op Amnéville Snowboard fueren, an en Escape Room, mir ware Wandere, ... Wéi s du gesäis kënnen et also ganz verschidden Aktivitéite sinn. Wann s du och eng Kéier wëlls dobäi sinn da mell dech am Jugendhaus.)</p>

D'Jugendhaus ass op fir jiddereen tëschent 11 an 30 Joer. Du kanns während eisen Öffnungszäiten zu all Moment an oni Umeldung erakommen.

## D'JUGENDHAUS, DAT SINN:

**JANINE:** Educatrice am Jugendhaus zënter 2012 a Coordinatrice zënter 2022

**SARAH:** Educatrice spécialisée am Jugendhaus zënter 2014

**PATRICK:** Educateur spécialisé an Outreacher am Jugendhaus zënter 2018

**FILIFE:** Educateur am Jugendhaus zënter 2019

**PAULA:** Educatrice en cours de formation, am Jugendhaus zënter 2021

# Programm vum Jugendhaus

LU\_ An deenen nächste Wochen erwaarden dech nach e puer flott Projeten.

STRASBOURG (FR)  
**City Trip**  
Stride Park 23-24.05

Fir méi infoen oder dech unzemellen :  
Telefon : 00352 26 53 08 50  
info@schefflenger-jugendhaus.lu  
Facebook oder Instagram

Schëfflenger Jugendhaus

The poster features a light blue background with a dark blue outline of a road at the bottom. It includes illustrations of a cyclist and a pizza. The text is in various shades of blue and green.

## Fiers de gäre Vëlo?

Da komm mat op Stroosbuerg, mir verbréngen hei een Dag am Stridepark wou s du dech am Vëlofueren ausprobéiere kanns.

**City Trip**  
Maastricht (NL)  
25,26&27 Mai.

Fir méi infoen oder dech unzemellen :  
Telefon : 00352 26 53 08 50  
info@schefflenger-jugendhaus.lu  
Facebook oder Instagram

Schëfflenger Jugendhaus

The poster has a light blue background with a pink and purple color scheme. It features a stylized illustration of a town skyline and a burger. The text is in a bubbly, hand-drawn font.

## Loscht op e klenge Citytrip?

Da komm mat eis Maastricht entdecken.

Schëfflenger Jugendhaus

The logo consists of a blue circle containing a white handprint with fingers spread, positioned above the text 'Schëfflenger Jugendhaus'.

**Klammern ouni Seel an dat an der wonnerschéiner Natur  
vu Fontainebleau.**

Eng flott Geleeënheet dee Sport eng Kéier auszeprobéieren  
oder fir Ofwiesslung vun de Boulderhalen ze kréien.



**Interregionale Projet „El Camino“**

D'Schëfflenger Jugendhaus organiséiert zesumme mat dem Spéléo Club d'Ottange an dem Club d'Escalade Evasion de Thionville dësen europäesche Projet.

Zil ass d'Zesummeliewen an der Groussregioun ze verbessere, ze stärke an auszeschaffen. De Projet fënnt virun allem op dem Klammsite Audun-le-Tiche statt.

De Projet geet vu Mäerz bis Oktober 2022 an ee vun den Haaptevenementer ass d'interregionaalt Kloterfest de 25. a 26. Juni 2022 zu Audun-le-Tiche. Do gi vill flott Aktivitéite ronderëm de Klotersite ugebueden, fir Musek an lessen a Gedréinks ass natierlech och gesuergt dee Weekend.

**A wat gëtt et soss nach (neits) am Jugendhaus?**

**Boxtraining:** 2x de Mount kënt ee mat eis trainéieren

**Kleedertausch:** Du hues Kleeder déi s du net méi wëlls mee di nach gutt sinn? Du wolls mol rëm eppes neits ouni awer d'Fast Fashion Industrie z'ënnerstëtzen an ouni Suen auszeginn? Dann ass dat hei genau dat richtegt fir dech. Kuck op eiser Homepage oder op eise soziale Medien wéini di nächst Datumer si fir eise Kleedertausch.

**Filmprojet:** D'Jugendhaus gëtt d'nächst Joer 18 Joer al an dat muss gefeiert ginn. An deem Kader dréie mir e flotte Film.

**Radio Gutt Laun:** Zesumme mam Radio Gutt Laun vu Schäffleng gi mir 1x de Mount op Sendung mat verschiddenen Themen an och d'Musek wile mir selwer aus.

**Summer Vakanzenaktivitéiten 2022**

De Summer kënt ëmmer méi no a mir si scho fläisseg amgaangen Aktivitéiten ze plangen. E Citytrip, e puer Deeg um Strand, Fun & Action am Schwarzwald, Downhill fueren, Kloter-park, Escape Games, e Self Defense Kur, ... Dat sinn nëmmen e puer vun deenen Aktivitéiten, déi dech dëst Joer fir d'Vakanzenaktivitéiten erwaarden. Fir dee genaue Programm gewuer ze ginn, kuck an der Broschür déi s du geschwënn vun der Gemeng geschéckt kriss oder komm op eis Homepage. Den **3. Juni 2022 um 18h00** fënnt och d'**Infoversammlung vun de Vakanzenaktivitéiten am Jugendhaus** statt. Hei gëss de alles gewuer a kanns deng Froe stellen.

An zum Schluss nach e puer Fotoen, déi di lescht  
Wochen am Jugendhaus entstanne sinn:



Alldag am JH



Hochbeet



Botzaktioun



Äddi Masken



Filmowend



Balanceboard am JH



Workshop Golden Me



Vélotour



Kicker spillen am Alldag



Kleedertausch



Schaffen am Hochbeet



Kachtelier an lessen



Schach am Alldag



Klammaktivitéit




Kreativ Aktivitéit

Energie spueren duerch

# RICHTEG HËTZEN



Wosst du dat?



Mat 1 Grad manner am Haus kann ee bis zu 7% vun den Heizkäschte spueren.

Den Undeel vun der Heizenergie am gesamten Energieverbrauch vun enger Wunneng ass zwësche 60 an 90%.



Den Heizkierper op Maximum ze dréine wann een Heem kënt erhëtzt d'Haus net méi séier, mee féiert zu iwwerméissegem Energieverbrauch.



En Haushalt zu Lëtzebuerg investéiert 1/4 vu sengen Ausgaben a "Wunneng, Waasser, Stroum, Gas an aner Brennstoffe".

Kënschtlecht Hëtzen beaflosst eis Toleranz géint kal Temperaturen.

Wann ee gewinnt ass vill ze hëtzen, da kann e kalen Dag sech méi kal ufillen wéi et wierklech ass.



Maacht d'Fenster grouss op fir ze lëften. D'Fenster op d'Kipp ze setze mécht de Raum méi kal, mee et ass guer net effizient fir d'Loft ze erneieren.



Editeur

Ëmweltberodung  
Lëtzebuerg a.s.b.l.  
ebl.lu / info@ebl.lu



Méi zum Thema!

[www.klengschrett.lu](http://www.klengschrett.lu)




GEMENG  
SCHËFFLENG

# CHAUFFER FUTÉ

& économiser de l'énergie!



Le savais-tu?



Avec 1°C de moins dans la maison, on économise jusqu'à 7% sur les frais de chauffage.

La part du chauffage dans la consommation totale d'énergie d'un logement est située entre 60 et 90%.



Un ménage au Luxembourg investit 1/4 de ses dépenses dans "le logement, l'eau, l'électricité, le gaz et d'autres combustibles".

Tourner le radiateur au maximum lorsqu'on rentre ne chauffe pas plus vite la maison, mais cela entraîne une surconsommation d'énergie.



Le chauffage artificiel affecte notre tolérance aux températures froides.

Si, d'habitude, vous chauffez beaucoup, une journée peut sembler plus froide qu'elle ne l'est.



Pour aérer, ouvrez en grand la fenêtre. Mettre la fenêtre en position inclinée refroidit la pièce, mais ce n'est pas efficace pour renouveler l'air.

Editeur

Ëmweltberodung  
Lëtzebuerg a.s.b.l.  
ebl.lu / info@ebl.lu



Plus sur le sujet!  
[www.klenschrett.lu](http://www.klenschrett.lu)



GEMENG  
SCHÉFFLENG



Energie spueren duerch

# RICHTEG HËTZEN




D'Temperatur doheem  
ëm 1 Grad erofsetzen.

Dat spuert bis zu 7% vun  
den Heizkäschten!



Den Heizkierper net  
zoustellen oder verdecken.

Soss kann deen Aarmen  
net richtig schaffen.




Owes d'Rollueden erof an  
d'Rideauen zou maachen.

Iwwert d'Fënstere geet déi  
meescht Hëtzt verluer.




Den Heizkierper vun  
Zäit zu Zäit entlëften.

D'Loft muss eraus, nëmme sou  
kann d'Hëtzt gutt zirkuléieren.



D'Heizungsréier  
am Keller dämmen.

Fir keng Wäermt do ze verléieren,  
wou een se jo net brauch.



Dieren zu méi kale  
Raim zoumaachen.

Pass gutt op, looss  
d'Hëtzt net fortlafen!



D'Heizung owes a beim Verloosse  
vum Raum op 16°C erofdréien.

Net ganz ausmaachen, soss killt  
de Raum eventuell zevill of.



D'Fenster net kippen, mee  
kuerz grouss opmaachen

Am Summer kann een 30 min  
lëften, am Wanter gi 5 min duer.





D'Hänn an d'Zänn mat  
kalem Waasser wäschen.

D'Temperatur vum Waasser  
spillt keng Roll fir de Knascht.

Stellt den Thermostat richtig an ...

... an denkt och drun,  
den Heizsystem duerch en  
Installateur optimiséieren  
ze loossen.



Money, money, money :

Heizenergie = 60-90%  
vum gesamten Energieverbrauch  
vun enger Wunneng



D'Energierrechnung variéiert vill, ofhängeg  
vun den Energiequellen déi benotzt ginn  
(Elektriesch, Äerdgas, Brennstoff).

Editeur

Ëmweltberodung  
Lëtzebuerg a.s.b.l.  
ebl.lu / info@ebl.lu



Méi zum Thema !

www.klenschrett.lu



GEMENG  
SCHËFFLENG



# CHAUFFER FUTÉ

& économiser de l'énergie!




Baisser la température d'un degré à la maison.

Tu économises jusqu'à 7% des frais de chauffage.



Ne pas couvrir ou obstruer les radiateurs.

Laissons-les rayonner et propager leur chaleur!




Chaque soir, baisser les rideaux et fermer les volets.

C'est par les fenêtres que le plus de chaleur est perdue.




Ventiler les radiateurs de temps en temps.

L'air doit être évacuée pour que la chaleur puisse circuler librement.



Isoler les tuyaux de chauffage au sous-sol.

Pour ne pas perdre de chaleur là où elle n'est pas utile.



Fermer les portes donnant sur une pièce plus froide.

Sois vigilant, ne laisse pas la chaleur s'échapper!



Baisser le chauffage à 16°C le soir et en quittant la pièce.

Ne pas l'éteindre entièrement, car la pièce pourrait trop refroidir.



Ouvrir la fenêtre en grand (pas en mode incliné) pour aérer.

En été on aère pendant 30 minutes, en hiver 5 minutes suffisent.





Se laver les mains et les dents avec de l'eau froide.

Pour la saleté, la température de l'eau n'a pas d'importance.

Réglez le thermostat correctement...

... et pensez aussi à faire optimiser le système de chauffage par un installateur.



Money, money, money :

Chauffage = 60-90% de la consommation totale d'énergie d'un logement



La facture énergétique varie beaucoup en fonction du type de chauffage utilisé à domicile (électrique, gaz naturel, mazout).

Editeur

Ëmweltberodung  
Lëtzebuerg a.s.b.l.  
ebl.lu / info@ebl.lu



Plus sur le sujet!  
[www.klengschrett.lu](http://www.klengschrett.lu)



GEMENG  
SCHÉFFLENG

# SICONA



## LU—LUX-Mëschungen – Geseemsmëschunge mat heemesche Wëllplanzen aus regionalem Ubau

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwärtig Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Region gëeegent. D'Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffe zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuurger Someproduktioun vu Wëllplanzen. D'Zil ass fir mat Hëllef vu Lëtzebuurger Bauere Som vun heemesche Wëllplanzenarten ze produzéieren.

Gemengen a Privatleit, déi eng Blummewiss op öffentleche Gréngflächen oder doheem am Gaart uleeë wëllen, recommandéiere mir d'LUX-Mëschung vum der Firma Rieger-Hofmann. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekten sinn.

### Wou kann ee LUX-Mëschung kafen?

Fir kleng Flächen vun 25–50 m<sup>2</sup> kennen 100 g Tuten vum den dräi Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgender Partner an Ärer Ëmgéigend kaft ginn:

- Diddeleng, Fondation Kräizberg
- Käerch, Krautgaart
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozynter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum „Wëllplanzesom Lëtzebuerg“ fannt Dir op [www.sicona.lu/projekte/saatgut](http://www.sicona.lu/projekte/saatgut).



### Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir lech gären.

Naturschutzsyndikat SICONA  
12, rue de Capellen L-8393 Olm  
T : (+352) 26 30 36 25




